PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 11/09/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

De Code de la Route gesäit vir, dass d'Vitesslimitatioun op den Autobunne bei Nidderschlag vun 130km/h op 110km/h erofgesat gëtt, well bei naasse Stroossen de Bremswee méi laang ass wéi op dréchene Stroosseverhältnisser. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1380 hat de Mobilitéitsminister geschriwwen, dass *"d'Schwellewäerter vun de mobille Radare gi systematesch ëmgestallt wann d'Wiederkonditiounen dëst erfuerderen."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ginn d'Schwellewäerter vun de mobille Radare geännert? Mussen d'Polizisten dofir op d'Plaz, geet dat mëttlerweil och schonn digital aus der Distanz oder mécht de Radar dat automatesch?

2. Bei wéi vill Nidderschlag ginn d'Schwellewäerter ugepasst?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten